

vum 6. Schouljoer. An au vu vun deem Succès ass d'Extensioun an d'Modernisatioun eng absolut Noutwendegkeet, well et gi méi Klassenäil, méi Gemeinschaftsraum, méi Openhaltssraum an och méi lessraum gebraucht.

Wann een den Detail vun der Fiche financière kuckt, da kann ee sech zwar déi eng oder déi aner Fro stellen, dat heescht Froen un de Maître d'œuvre, de Landkreis Merzig-Wadern. Et huet net grad alles mat der Extensioun ze dinn, well Positioune wéi „assainissement de l'immeuble existant“ oder „traitement statique du sol“ oder „protection contre l'incendie“ an nach e puer anerer hätte vläicht am initiale Projet figuréiere kënnen. Mä soit.

Här President, Lëtzebuerg huet jo do virgesuert, an dofir e finanzielle Plafong vun 12,5 Milliounen Euro fixéiert. All spéider Ännerungen, Extensiounen, Modernisatiounen, déi doriwwer erausginn, wäerten ausschliesslech zu Laaschte vum Landkreis Merzig-Wadern goen. Wichtig ass och, dass op e Projektmanager zrëckgegraff ginn ass, deen d'Supervisioun an d'Koordinatioun vun den Aarbechte garantéiert a versicht - ech ënnersträichen: versicht -, d'Enveloppe financière ze respektéieren.

Här President, ech hu mer erlaabt, bei der Direktioun, och bei verschidden Elteren an och bei deem engen oder anere Schüler nozefroen, wéi dann dëst Joer verlaf ass, a subsidiairement, woufir si dëser Schoul hir Präferenz ginn oder ginn hunn. D'Direktioun bezeit, dass d'Lëtzebuenger Kanner sech gutt integréiert hunn, dass se als Grupp zesummegewuess sinn, an dass transnational Frëndschafte geschloss gi sinn. D'Direktioun huet och ënnerstrach, dass d'Enseignéiere fir d'Lëtzebuenger Léierpersonal - an ech denken net nëmme fir si - ganz anspruchsvoll war. Teamaarbecht an Teamgeescht si gefrot, an d'Enseignantë musse sech mat dësem neie System oder dësem neie Modell identifizéieren oder sech do erëmfannen. Eenzelkämpfer wäerte sech an deem dote Modell ni erëmfannen.

Wat d'Eltere begrëissen, dat ass dat pedagogesch Konzept - dat gouf och schonn d'lescht Joer hei ënnerstrach - a ganz besonnesch déi nei Lehr- a Lernmethoden. Wat och ganz gutt ukomm ass, dat ass, dass fachdifferenziéiert enseignéiert gëtt, dat heescht, pro Sprooch ginn dräi Niveauen ugestrief. Déi gutt schoulesch Ënnerstëtzung gëtt och ënnerstrach, an, dat ass bal selbstverständlech, déi Offer vun der Ganzdagsschoul, déi jo nëmmen als Offer fonctionnéiert. Et ass mir gesot ginn, dass zwielf Kanner vun der Ganzdagsschoul profitéieren, a vun deenen zwielf sinn eefel Lëtzebuenger.

Eppes aneschters, wat och wichteg ass an engem och an der Iwwerleeung iwwer eis Reform kënnit hëllefen, dat ass, dass d'Kanner bis zu der 9. Klass zesummebleiwen a sech erëischt duerno orientéieren.

Zur Fro: Woufir déi Schoul? Fir déi meescht Elteren a Schüler ass et wéinst deem alternative Schoulmodell, dem pedagogesche Konzept. Fir deen een oder aneren ass et awer carrément eng Fuite. Da kann ee sech froen: Eng Fuite viru wiem oder eng Fuite viru wat? An déi Fro loossen ech op.

Här President, wéi et schéngt, geet dëst Joer an zwou Lëtzebuenger Gemenge jee eng Klass an. An zwar jee e 5. Schouljoer, well d'Schüler an den Däitsch-Lëtzebuergesche Lycée ginn. Ech weess net, ob dat schlëmm ass oder net. Vläicht géif awer eng Ursaachefuerschung Opschloss ginn.

Als Schluss ass dat dote mir awer, Här President, ze negativ, well dat mengem Naturell guer net entsprécht, an duerfir dat hei: Den Däitsch-Lëtzebuenger Lycée mécht nei Horizonten fir d'Gestaltung vun eiser Schoul vu muer op. Hie mécht nei Horizonten op fir d'Gestaltung vun eiser Zukunft an engem oppenen a modernen Europa. An Horizonten brauche Raum. A fir dee Raum ze schafen, brauche mer d'Extensioun. A fir d'Extensioun méiglech ze maachen, baulesch a finanziell, brauche mer dëst Gesetz, an duerfir bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen Iech Merci fir Är Attention.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Gantenbein. Den honorabelen Här Berger ass de nächste Riedner.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Bericht.

Mir diskutéieren haut de finanziellen Aspekt vun engem Schoulprojet, deen net méi a Fro gestallt ass an dee seng éischt Jalonen och

an der Praxis erfollegräich gesat huet. De Succès an d'Attraktivitéit vun dëser Schoul bei ville Schüler ënnersträicht dës Feststellung. Et ass eng grenziwwerschreidend Schoul tëscht Lëtzebuerg an Däitschland - an dësem konkrete Fall mat dem Saarland -, entstanen op enger Plaz, déi wéi kaum eng aner fir en Europa ouni Grenze steet. Doderuech ass eng verstärkt Kooperatioun an der Educatioun mat eisen Nopeschlänner entstanen, eng Approche, déi och d'Ënnerstëtzung vun der DP fënnt. Dëse Lycée huet jo och seng Originen am Joer 2003, wou mir mat der Madame Brasseur d'Educatiounsministesch gestallt hunn.

Besonnesch am Sproochenunterrecht ginn nei Weeër ageschloen, well den 8. September 2003 gouf en éischten Échange vu lëtzebuergeschen a saarlännesche Schoulmeeschtere beschloss. Opgrond vun dësem Austausch kënnen d'Primärschouלקanner vu Pärel elo vun engem méi intensive Franséischcours profitéieren, an hir lëtzebuergesch Alterskolleege kréien d'Méiglechkeet, fir am Däitsche vu Mammesproochler ënnerriicht ze ginn. Et ginn nach eng Rei aner pedagogesch Innovatiounen hei ëmgesat, meng Virriednerin ass schonn do-robber agaangen, duerfir wäert ech déi net méi all opzielen.

Mir ënnerstëtzen op alle Fall weiderhin esou Projétt wéi de Lycée zu Pärel, well eis Jonk esou vu méi enger breet gefächerter Offer an eisem Bildungssystem profitéiere kënnen. Eise Schoulsystem en général kann nëmme gewannen, an zwar doduerjer, datt op dës Aart a Weis nei pedagogesch Konzepter an Iddien, déi do ausprobiéiert ginn, och de Wee an eis Schoulen hei zu Lëtzebuerg fanne kënnen. Op där anerer Säit geschitt jo och en Austausch zwëschent Enseignanten aus Däitschland an aus Lëtzebuerg, an dat ass och e bëssen e Modell fir Integratioun, souwuel um Niveau vun de Schüler wéi och vun den Enseignanten.

Dës puer kleng Remarquen zum Inhalt gemaach, wëll ech och kuerz zum Finanzement kommen, wat jo den Objet vum virleiende Projet de loi ass.

Et ass och e grenziwwerschreidende Infrastrukturprojet; op där enger Säit eng däitsch Gemeng, méi prezis de Landkreis Merzig-Wadern, op där anerer Säit de Lëtzebuenger Stat. Dëst ergëtt och, datt de Landkreis, wou jo de Lycée steet, dann de Bauhär ass, a Lëtzebuerg zur Halschent fir d'Käschte bäidréit.

Vu de Succès vum Lycée - wourop jo och schonn d'Virriedner agaange sinn - muss d'Schoul weiderhin ausgebaut a moderniséiert ginn. Fir kënnen där Demande gerecht ze ginn, musse mer also och da weider an dee Bau investéieren. Mä et weess een och, datt et wahrscheinlech net bei deem aktuellen Devis vu 25 Milliounen Euro wäert bleiwen. Lëtzebuerg ass awer bei 50% respektiv bei 12,5 Milliounen, déi mir sollen droen.

Wann een elo dovun ausgeet, datt och d'Käschten am Bau an nächster Zukunft nach wäerten an d'Luucht goen - virun allem och bedéngt duerch déi héich Energiepräisser, wat sech jo dann och erëmispigelt op d'Matière première, d'Produktioun vum Baumaterial an esou weider -, da kann een dervun ausgoen, datt et wahrscheinlech net wäert bei deene 25 Milliounen bleiwen. Duerfir ass dann am Protokoll virgesinn, deen déi finanziell Ofmaachunge betrëfft, datt Lëtzebuerg awer géif säi Bäitrag op 12,5 Milliounen Euro plafonéieren. An Zäite vun enger effizienter Ausgabekontroll kënnen mir dës Approche och deelen.

Dës puer kleng Remarquë gemaach, kann ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen. Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Adam.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. De Lycée ass elo schonn en Opfer vu sengem Succès ginn. Dat kléngt jo am Fong geholl herrlech flott. Et kann een dem Minister derzou félicitéieren.

Am Rapport steet, datt de Lycée Schengen vu Pärel engem reelle Bedürfnis entsprécht, fir enger Region en Enseignement secondaire an eng Formation professionnelle ze offréieren, déi am Lëtzebuenger Plan sectoriel ze mann Infrastrukturen opweist. Dat mag richteg sinn. Falsch ass awer, wann am Rapport steet, dass dës Behauptung géing ënnermauert ginn duerch déi héich Zuel vun Inscriptiounen, déi mer elo schonn am Lycée vu Schengen hunn, well hei handelt et sech ëm 130 Inscriptiounen, déi meescht aus Däitschland, fir d'5. Schouljoer. Dat huet

also carrément näischt mat engem Lëtzebuenger Plan sectoriel «lycées» ze dinn.

All Kéiers wa mer e Pilotprojet starten, da stinn d'Leit Schlaang, fir an déi nei Schoul eran. Dat fret eis. Mir hunn déi Projekte jo och alleguerte begréisst a matgestëmmt. Dat gëtt eis awer och ze denken. Mir mengen, dat huet och eppes mat der latenter Onzefriddenheet mam Lëtzebuenger Schoulsystem ze dinn.

Interessant waren an deem Sënn och déi puer Iddien a Gedanken, déi d'Madame Gantenbein hei ugefouert huet. Et wier wierklech och interessant, emol eng Kéier eng Ursaachefuerschung ze maachen an och d'Motivatioun vun de Leit e bëssen ze hannerfroen.

Erstaunlech ass awer d'Entwécklung vum Schengen-Lycée selwer: Vun ursprüneglech 108 Schüler pro Joergang, d'Halschent aus Lëtzebuerg, déi aner Halschent aus Däitschland - d'Schüler vu Pärel ginn d'office akzeptéiert, duerfir hu mer et hei och offiziell mat enger Gesamtschoul ze dinn -, gi mer elo op 136 Schüler pro Joergang. Dat maachen also menger Rechnung no - aachtmol 136 - iwwer 1.000 Schüler, oder just iwwer 1.000 Schüler; eng optimal Gréisst fir e Lycée. D'Käschte klammen eigentlech proportional méi héich wéi d'Schülerzuel. Dobäi ass de Projet awer, wann een e mat Lëtzebuenger Lycéeë vergläicht, e relativ präiswäerte Projet.

Interessant ass och, datt de Conseil d'État - an och den Här Scheuer huet et a sengem Rapport gesot - sech fret, firwat datt keng Tracen ze fanne sinn, datt europäesch Gelder ugefrot sinn. Dat wier natierlech flott, wann een där Gelder kéint kréien.

Et ass ee Vorzeigeprojet. Den interparlamentaresche Rot hat schonn invitéiert, fir an de Lycée kucken ze goen an ze tagen. Déi Gréng kommen och elo mat deene Gréngen aus Rheinland-Pfalz zesummen, fir eng Kéier iwwert d'Bildungspolitik an der Grenzregion ze schwätzen.

(*Interruption*)

Vläicht ass do nach eppes ze maachen.

Mir hoffen, datt mat der Entwécklung an dem Zousproch bei de Schüler a bei hiren Elteren fir de Schengen-Lycée och genuch Lëtzebuenger Enseignanten ze motivéiere sinn, fir an dësem Lycée an un dësem Projet matzeschaffen. Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. D'Wuert huet als leschte Riedner den honorabelen Här Mehlen.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, ech kann et och kuerz maachen. Mir haten den éischte Projet matgestëmmt, a vu datt de Succès an de Besoin esou grouss sinn, wäerte mer och den Ausbau matstëmmen. Hei gëtt d'Offer fir d'Leit haaptsächlech aus dem Haff Réimech vergréissert, awer och - an dat ass déi lescht Zäit jo ëmmer méi eng Spezifisitéit ginn - fir déi Lëtzebuenger, déi am däitsche Grenzraum wunnen, zu Pärel an anerwäerts. Et sinn der net wéineg.

Déi Schoul huet als Spezifisitéit, datt Schüler aus dem däitschen an aus dem Lëtzebuenger Raum zesumme sinn; net nëmme Schüler, awer och Enseignanten. Do kann déi eng an déi aner Säit vun där jeeweileger anerer Säit léieren.

Mir hu Positives dozou an der Educatiouns-kommissioun gesot kritt; net alles positiv. Anscheinend gëtt et Lëtzebuenger Enseignanten, déi déi Aart a Weis, wéi do an enger Equipe zesummegeschaft ginn ass, vläicht net gradesou apprécieiert hunn oder do net esou richteg mat virukomm sinn, an duerfir fir sech décidéiert hunn, erëm op Lëtzebuerg zrëckzekommen. Dat mécht awer ganz sécher dee Modell duerfir interessant, well een no enger gewësser Zäit sécher och do Konklusiounen aus deem Modell kann zéien, wéi déi Schoul fonctionnéiert.

Fir Lëtzebuerg stellt dësen Ausbau e Choix duer, well, wa mer do weider ausbauen, da réckelt en eegene Lycée am Raum Réimech-Mondorf natierlech ëmmer méi wäit aus dem Beräich vun der Méiglechkeet eraus. Awéiwäit datt dat souwiso opgrond vun der Bevölkerungsentwécklung eng Kéier an de Beräich vun der Méiglechkeet kéim, entzitt sech menger Kenntnis, mä et muss een awer wëssen, wa mer hei ëmmer méi ausbauen, datt natierlech automatesch d'Chancen op Lëtzebuenger Säit méi kleng ginn, d'autant plus - wa meng Informatiounen richteg sinn - wou och op franséischer Säit Iwwerleeungen ugestallt ginn, fir eventuell esou e Projet mat Lëtzebuerg zesummen ze starten.

Zum Bauprojet selwer, well dorëms geet et jo hei, fir de Finanzement vum Ausbau ze autoriséieren. Mir hu keng Plange virgeluecht kritt. Entre-temps sinn d'Ënnerlagen awer, wéi mer matgedeelt kritt hunn, beim Greffe verfügbar, esou datt jiddferee se do ka kucken. Ech sinn och frou, datt mer décidéiert hunn, eng Kéier selwer op d'Plaz kucken ze goen, fir eis dervun ze iwwerzeegen, wat dann do tatsächlech soll geschafft ginn, awer och - an ech verspieche mer dovun, datt mer eng Partie Erkenntnisser doraus zéien - wéi déi Schoul fonctionnéiert a wat ee vläicht dann och hei op Lëtzebuerg ka mat iwwerdroen.

Et ass eng Limit gesat - dat hu mer schonn héieren - vun 12,5 Milliounen Euro, déi net kann dépasséiert ginn. Dat erklärt op där anerer Säit awer och, woufir mer e Gesetz musse stëmmen, well mer alles, wat iwwer 7,5 Milliounen geet, duerch e Gesetz mussen autoriséieren. Dat ass net wéineg, déi 12,5; dat si 500 Milliounen där aler Lëtzebuenger Frang. Dat seet engem da vläicht e bësse méi. Mä op där anerer Säit vu de Succès a vu de Besoin si mir selbstverständlech d'accord, fir déi Enveloppe financière hei ze nehmenegen.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Fir d'Regierung huet elo d'Wuert d'Madame Mady Delvaux, Minister zoustänneg fir d'national Erziéung.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi meng Virriedner freeën ech mech ganz besonnesch iwwert de Succès vum Schengen-Lycée zu Pärel. D'Inscriptiounen an d'Schoul iwwer treffen effektiv eis Erwaardungen. Fir definitiv vu Succès ze schwätzen, géif ech awer soen, soll ee virsiichteg sinn a waarden, bis dee Lycée gewuess ass a bis eng Kéier eng Generatioun vu Kanner duerch de Lycée gelaf ass.

Mä elo scho weist den Intérêt, souwuel vun der däitscher wéi vun der Lëtzebuenger Säit, dass et enger Demande entsprécht. Ech gesinn awer och an där Kreatioun vun deem Lycée e schéine Symbol, net nëmmen e Symbol, mä eng konkret Realisatioun vum Zesummeliewen an der Groussregion, vun der europäescher Iddi, dass mer eis sollen opmaachen a mat eisen Noperen zesummen eppes opbauen.

D'Spezifisitéit vun deem Lycée ass dann och - wéi vu menge Virriedner gesot ginn ass - net nëmmen, dass mer däitsch a lëtzebuergesch Kanner do zesumme scolariséieren, mä mir hunn och e Programm ausgeschafft, dee weder deen däitschen nach dee lëtzebuergeschen ass. Et ass e Programm do, deen eng Verschmëlzung ass vu Lëtzebuenger Inhalter a Lëtzebuenger Schwéierpunkten an däitsche Schwéierpunkten, vu dass an Däitschland den Enseignement vum Franséischen net esou verbreet ass, an haaptsächlech kennen ech keng aner däitsch Schoul, wou Lëtzebuergesch enseignéiert gëtt. Dat ass also wierklech en Novum an der däitscher Landschaft. D'Kanner, déi déi Schoul besichen, kënnen jo en Diplom kréien, deen à la fois en Abitur ass respektiv e Premièresexamen.

Ech weess net, och wann de Schengen Lycée elo vergréissert gëtt an eng Capacitéit vun 1.000 Schüler kritt, ob dat eng grouss Inzidenz op de Plan sectoriel «lycées» wäert kréien. Mir sinn amgaang un där zweeter Etapp vum Plan sectoriel «lycées» ze schaffen, an do ass jo ee Lycée am Süd-oste vum Land an der Diskussioun. Ech waarden d'Konklusiounen vun deenen Aarbechtsgruppen of, ier mer kënnen do weider Konklusiounen zéien.

Jiddefalls emfannen ech aus deene Bréiwer, deene Kommunikatiounen, déi ech kréien, dass et enger Demande entsprécht vu ville Lëtzebuenger, déi décidéiert hunn, sech am noen Ausland nidderezeloossen. An dat ass jo awer och eng Demande, där mer solle Rechnung droen, a wou mer eis musse Gedanke maachen, wéi mer mat deene Lëtzebuenger wëlle weider zesumme fonctionnéieren an zesummeliewen.

Ech soen lech alleguerte Merci fir den Accord zu dësem Projet, dee 25 Milliounen Euro kascht. Effektiv kann ee sech d'Fro stellen, firwat dat net direkt virgesi war. Et rassuréiert mech awer och, well et beweist, dass an Däitschland och alt net alles mat der leschter Genauegkeet geplangt gëtt. Den éischten Devis hat virgesinn, dass et soll 12 Milliounen kaschten oder 12,5. Mir waren do e bësse skeptesch an hu fonnt, dat wär vläicht immens bëlleg fir esou eng grouss Schoul, an et huet sech jo dann och erausgestallt, dass éischtens d'Restauration vun deem bestehende Gebai méi deier gëtt, wéi geduecht ginn ass - well do Problemer opgetaucht sinn, wéi bei all Gebai, wat restauréiert gëtt -, zweetens ass d'TVA an Däitschland an d'Luucht gaangen, woumat kee gerechent hat, an drëttens profitéiere mer dann elo, fir méi grouss ze bauen.

Fir awer ze verhënneren, dass mer nach eng Kéier mussen nostëmmen, hu mer also am Protokoll festgehalen, dass de Lëtzebuerger Stat den Investissement begleet bis zu 12,5 Milliounen, a wann et méi deier géif kaschten, dass dann déi däitsch Säit dat géif iwwerhuelen. Déi Explikatiounen ginn, géif ech lech villmools Merci soe fir den Accord an ech freeë mech, dass mer elo kënne mam Schengen Lycée zügeg weiderfueren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.* - Ech hunn eppes vergiess. Ech wollt nach eppes soen zu der Fro vun den Aidë vun Europa. Also, ech wëll hei kloerstellen, dass mer selbstverständlech déi Pist do exploréiert hunn, fir ze kucken, ob et méiglech ass, aus engem Fong Hëllefën ze kréien. De Kommissär Figel war invitéiert, d'Europadeputéierten hu sech engagéiert. De Moment gëtt et an Europa kee Fong, deen esou Projetë wéi deen do ka matfinanzéieren. Ech wollt dat awer hei gesot hunn.

Mir hunn eisen Europadeputéierten an och dem Kommissär mat op de Wee ginn, dass dat do awer eng interessant Form vun Zesummenaarbecht an Europa ass, an dass een da misst e Fong dofir schafen. De Kommissär huet dat mat op de Wee geholl, an ech géif hoffen, dass awer Leit déi Iddi do opgräifen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Ministre. Mir kommen dann zum Vote iwwert de Projet de loi 5854 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5854 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par Mme Christine Doerner), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum leschte Projet vun dëser Sitzung an och vun dëser Sessioun. Den honorablen Här Scheuer huet d'Wuert, fir eis de Projet iwwert de Lycée vu Jonglënster virzestellen.

4. 5782 - Projet de loi portant création d'un lycée à Junglinster

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» **M. Jos Scheuer** (LSAP), *rapporteur.* - Merci, Här President.

Jonglënster kritt e Lycée. Mir hunn de Bauprojet gestëmmt, a wéi mer de Bauprojet gestëmmt hunn, ass scho munches gesot ginn iwwert de Fonctionnement och vun dem Lycée. Mir hunn och an enger Sitzung de Contournement vu Jonglënster gestëmmt, an déi zwee Projekte si ganz enk matenee verbonnen, well domadder schafe mer elo d'Konditiounen, fir datt dee Lycée ka gebaut ginn.

Am Plan sectoriel „lycées“ steet de Bau vum Lycée Jonglënster als Projet. E Lycée, fir an der Regioun Osten zousätzlech Plazen ze schafen. Domadder gëtt d'Offer u Lycéesplazen an de Kantonen lechternach a Gréiwemaacher, an do derbäi an de Gemengen Hiefenech an der Fiels, méi grouss, an et gëtt generell dem Zouwuess vun den Élèven am Secondaire domadder Rechnung gedroen.

D'Chifferen, déi sech mat deem Zouwuess befaassen, gi ganz ganz wäit auserneen, fannen ech, an d'Fro ass: Wéi fiabel sinn déi Chifferen, déi avancéiert ginn? Se schanken tëscht 1.100 a 700 pro Joer, an et gëtt souwuel vum Statsrot wéi och vun der Chambre professionnelle, déi en Avis ginn huet, gefrot, datt ee méi prezis soll sinn an de Schätzungen iwwert d'Evolution vun der Populatioun an eise Lycéeën.

Mat der Schafung vum Lycée gëtt och der Entwécklung vun der Gemeng Jonglënster Rechnung gedroen. Et gëtt awer och der Entwécklung vun der Regioun ronderëm Jonglënster Rechnung gedroen. Eng Regioun wou d'Populatioun an d'Luucht geet, well se praktesch un der Périphérie vun der Stad Lëtzebuerg läit a well se vill Bauterrain geschaaft huet. Eng Regioun an eng Uertschaft, déi jo e regelrechte wirtschaftlechen Opschwung erliewen.

Wat elo den Opbau vum Lycée ugeet, esou handelt et sech ëm e Lycée mixte, à dominante technique. Dat ass den Term, esou wéi en am Projet steet. An deem Lycée fannt Dir déi ënnescht Divisioun vum Enseignement secondaire; 7^e, 6^e, 5^e also. Da gëtt d'4^e Lycée och an deem Gebai offréiert, an dat ass asoufern wichteg, well déi 4^e jo awer de Passage duerstellt fir an d'spezialiséiert Sectiounen ze kommen. Et gëtt een also an deem dote Lycée virbereet, fir an eng iewesch Sectioun vum Secondaire „classique“ ze wiesselen.

Den ënneschte Cycle vum Secondaire technique kënnt och dohinner, mat dem Régime préparatoire. Duerno komme Formatiounen déi zum CATP, also zur Geselleprüfung féieren, zum BAC technique général - zur 13^e générale also - an zum Technikerdiplom an zwee prezisen Domänen: an der Elektrotechnik an an der Informatik.

Ronn 70 Klasse solle geschafe ginn an de Lycée kréich domadder 1.200 bis 1.400 Élèven. Mat där Gesamtzuel läit de Lycée an deenen Normen, déi scho während der vieregter Regierungsperiod gesat gi waren an déi e Lycée secondaire soll hunn, deen ënnen eng breet Basis huet, fir datt sech aus där Basis awer och spezialiséiert Cyclen a spezialiséiert Formatioune kënne erginn.

Et ass dann awer och e Lycée, deen net nëmme schoulesch Offeren huet, mä deen och den Encadrement huet fir praktesch eng Ganzdaagsschoul um Rullen ze halen. E fonctionnéiert vun hallwer aacht moies bis owes sechs Auer. D'Élève kréie schoulesch Hëllefën ugebueden, mä si kënne awer och kulturell, sportlech a wëssenschaftlech Aktivitéiten ënnerhuelen, oder aner Apprentissagen. Et ass net weider definéiert, wat dat kéint sinn, mä dat misst sech - vu datt jo och den Technique do ass - aus dem Equipement vum Lycée erginn.

(Mme Colette Flesch prend la Présidence)

Vun aacht bis véier Auer mëttes ginn deenen Élèven, déi kee Cours hunn, Aktivitéiten ugebueden, a vu véier Auer bis sechs Auer mëttes kënne d'Élèven am Lycée bleiwen, a si beschäftege sech selwer oder si gi beschäftegt.

Wann déi Élève solle beschäftegt ginn, da kascht dat eppes. Et kascht Aarbechtsstonnen, an zwar sinn am Programm 300 Aarbechtsstonne virgesinn. 300 Aarbechtstonnen, dat heescht an dësem Fall aacht Educateuren, dovunner dräi Educateurs gradués a fënnf Educateurs diplômés. Et ass also e Projet deen Aarbechtsplaze schafft. D'Description vun deem, wat déi Educateure maachen, ass och am Detail am schrëftleche Rapport an am Projet de loi opgeléicht.

Eng Spezialklass soll agefouert ginn. Eng Classe relais - en interessante Projet - soll d'Élèven opfänken, déi zäitweileg grave Verhalensproblemer hunn. Déi sollen drop preparéiert gi fir nees an enger normaler Klass kënne integréiert ze ginn.

170 Enseignantë kritt de Lycée. Doniewent gëtt et dann d'administratiivt Personal, wéi et an den anere Lycéeën och üblech ass; et gëtt de SPOS mat véier Leit; et gi Schwammeeschteren; et komme fënnf Aarbechter dohinner; néng Handwierker. Et dierft een dervun ausgoen, datt herno am Lycée vu Jonglënster 200 Leit schaffen.

Just nach fir op de Bauprojet zrëckzekommen. Et gëtt e Sportkomplex gebaut mat enger Piscine. An dësem Projet steet och am Exposé des motifs - ech hunn et och an de Rapport iwwerholl -, datt dee Sportkomplex an déi Piscine oft kënne benotzt gi fir d'Veräiner a fir d'Associatiounen aus der Gemeng an aus der Regioun.

Dat heescht - ech hat vun den Aarbechtsplaze geschwat a vun den Infrastrukturen -, et gëtt schonn eng Plus-value duerch d'Implantatioun vun dësem Lycée fir d'Gemeng Jonglënster a fir d'Regioun geschaaft. Déi Plus-value dierft sech net esou aus dem Restaurant scolaire fir d'Regioun erginn, mä ëmmerhi kann dee Restaurant scolaire 800 lessen zerwéieren.

Zu den Avisen. Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass positiv. E puer Remarquë vläicht ervirgehuewen, déi interessant sinn.

D'Chamber beschäftegt sech mat der Fro, ob an deenen neie Lycéeën, déi all den ënneschten Zyklus vum Secondaire hunn, net och eng Quatrième sollt existéieren. Wann déi Quatrième do ass, da kënne d'Kanner am selwechte Lycée, ouni ze wiesselen, preparéiert ginn, fir herno hir Spezialisatioun eventuell an engem aneren ze maachen.

D'Chambre betount dann och, datt d'Personal soll gerecht - „équitablement“ ass den Term - verdeelt ginn iwwert d'Lycéeën am ganze Land. Wann Der d'Personalstrukture vun deenen neie Lycéeën kuckt, da gesitt Der hei Beruffer an Dir gesitt och Fonctiounen, déi et an deenen ale Lycéeën net gëtt. Wat fir ee Lycée vun där doter Gréisst vun deenen traditionelle Lycéeën ka schonn op aacht Educateuren zrëckgräifen?

E puer Wuert zum Avis vum Statsrot, deen natierlech och positiv ass. Mä de Statsrot weist drop hin, datt déi neie Lycéeën méi Personal kréie wéi déi sougenannt al Lycéeën. An e weist dann op Personalstrukturen hin, déi einfach méi gënschteg sinn an deenen neie wéi an deenen ale Gebaier.

Kolleegen, dat ass am Résumé de Projet zum Lycée vu Jonglënster, deen domadder - wann en elo gestëmmt gëtt - an d'Préparatioun goe kann. Mir hunn alles gemaach, wat d'Chamber maache kann, fir datt an där Regioun an an där Uertschaft a virun allem d'Élèven aus dem Anzugsgebit nei Chancë kréien.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Et ass selbstverständlech, datt d'Lëtzebuurger sozialistesche Aarbechterpartei dësem Projet och hiren Accord gëtt.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Scheuer fir deen ausféierleche Rapport. Den nächste Riedner ass d'Madame Hetto-Gaasch. Madame Hetto, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

Jo, Här Rapporteur?

» **M. Jos Scheuer** (LSAP), *rapporteur.* - Ech wollt da profitéieren, ouni nach eng Kéier op d'Pult herno heihinner zrëckzekommen, fir eng Motioun ze deponéieren, déi aus der Kommissioun ervirgaangen ass an déi virgesäit, datt d'Chamber d'Regierung opfuerdert fir an alle Lycée-techniquen, ob se elo mixte sinn - nei Lycéeën also - oder

och déi al Lycéeën, virzegesinn, wann et d'Besoinë gëtt, fir den ieweschte Cycle vum Secondaire do kënne ze organiséieren. Dat huet Avantagen, an déi Avantagé sinn an de Considérantë vun där Motioun opgezelt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *constatant que les lycées récemment créés sont conçus comme lycées mixtes à dominante technique offrant aux élèves la possibilité de suivre les cours de la division inférieure de l'enseignement secondaire, du cycle inférieur et du régime préparatoire de l'enseignement secondaire technique ainsi que certaines formations des cycles moyen et supérieur de l'enseignement secondaire technique;*

- *constatant qu'en raison de ce concept limitatif des nouveaux lycées beaucoup d'élèves sont obligés de poursuivre leurs études dans la division supérieure de l'enseignement secondaire dans un autre lycée;*

- *considérant que l'équipement des nouveaux lycées permettrait d'étendre l'offre scolaire à des sections de la division supérieure de l'enseignement secondaire;*

- *considérant que cette ouverture permettrait en outre une utilisation rationnelle des infrastructures des lycées à dominante technique ainsi qu'une réduction des transports scolaires;*

invite le Gouvernement

- *à créer selon les besoins des classes de la division supérieure de l'enseignement secondaire dans les nouveaux lycées et dans les lycées secondaires techniques existants.*

(s.) Jos Scheuer, Claude Adam, Eugène Berger, John Castegnaro, Fernand Diederich, Françoise Hetto-Gaasch, Robert Mehlen.

» **Mme le Président.** - Merci, Här Rapporteur. D'Madame Hetto, wann ech gelift.

Discussion générale

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV). - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken dem Rapporteur, dem Jos Scheuer, villmools Merci soe fir sän exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport. Da muss ech awer soen, dass ech ganz houfreg sinn, dass Jonglënster e Lycée kritt. Dëst ass fir eis Gemeng, awer wierklech och fir déi ganz Regioun e reellen Challenge an eng formidabel Chance, a mir freeën eis fir deen Défi do unzegoen.

Dass Jonglënster e Lycée kritt, huet awer och seng Ursaachen, well Jonglënster gouf net ëmsoss als Centre de développement et d'attraction zrëckbehalen. Et läit strategesch gutt. Et ass eng Dréischeif tëscht deenen eenzelne Pôles d'attraction op gläicher Distanz tëscht der Stad an lechternach an op gläicher Distanz tëscht Miersch a Gréiwemaacher. Jonglënster huet eng Hällewull vu Commercen, vu Servicer unzebidden an huet och nach weidert Entwécklungspotenzial.

D'Gemeng verfügt iwwer genuch Baulandreserve fir d'Haaptziler vum IVL ze erfüllen: wunnen, schaffen, sech bewegen. Et kann een engersäits dovunner ausgoen, dass duerch d'Entstoe vum Lycée d'Demande no Logementen an d'Luucht geet an anersäits nei Aarbechtsplazen entstinn, déi an engem direkte Lien mat den Aktivitéiten am Lycée ze dinn hunn. Deen neie Lycée zu Jonglënster wäert ganz sécher zur positiver Entwécklung vun eiser Gemeng bäidroen an en intensive Kontakt an Austausch tëscht der Schoul an de Betriber erméiglechen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, währenddeems de Gesetzesprojet 5765 sech mam Bau vun deene verschiddeenen Infrastrukture vum Lënster Lycée beschäftegt, e Gesetz, dat mer den 29. Januar hei an der Chamber gestëmmt hunn, geet et an dësem Projet ëm de Fonctionnement vum Lycée. De Projet de loi 5782 definéiert deemno d'Schoulorganisatioun, d'Offer an den Encadrement.

De Jonglënster Lycée renforcéiert, complétiert an diversifizéiert d'Schouloffer am Pôle d'enseignement vum Osten, zu deem d'Kantoner lechternach a Gréiwemaacher an d'Gemenge Fiels an Hiefenech gehéieren.

Am Moment hu mer am Osten zwee Lycéeën, een zu lechternach an een zu Maaicher, woumadder wuel kee ka behaapten, dass mer am Osten iwweréquipéiert sinn. Doriwwer eraus ass d'Zuel vun de Jugendlechen hei zu Lëtzebuerg amgaang permanent ze wuessen, esou dass de Bau vu weidere Lycéeën méi wéi gerechtfäerdgt ass.

Dëst Gesetz ass eigentlech a wäiten Deeler e Copy-paste vun anere rezente Lycéeën, déi mer hei gestëmmt hunn. Nei ass eigentlech just, datt mer hei de Secondaire bis d'Quatrième halen an net wéi an deenen anere Lycéeë just bis Cinquième.

Mir gesinn net direkt en Désavantage vun där Mesure. Mir gesinn awer och net direkt en Avantage dervun, a virun allem free mer eis, wann et sënnvoll ass, datt mer elo an dësem Lycée bis d'Quatrième fueren, misste mer jo awer och kucken, ob dat och fir déi aner Lycéeë sënnvoll wier, net datt mer hei erëm en Ausnahmefall schafen.

De Lycée kritt tëschent 1.200 a 1.400 Schüler a 70 Klassen. Et ass erëm eng Kéier e grouss Lycée. Do misst ee sech awer och eens sinn. Den honorabele Kolleeg vun der Demokratescher Partei huet gesot, de Lycée wier éischter ze grouss; hie freet awer an engems, datt de ganze Secondaire classique dra wier. Mer kréien net alles an ee Gebai.

1.000 Schüler ass effektiv eng ideal Gréisst fir de Lycée zu Schengen.

Mir begréissen et selbstverständlech och, datt et ee Ganzdaagsencadrement am Lycée vu Jonglënster gëtt.

Mir froen eis awer och mam Statsrot a mat der Chambre des Fonctionnaires, genau wéi d'Vertriederin vun der CSV, wini datt mer dann endlech op de Wee gi fir déi al Lycéeën opzerüsten. Den Ënnerscheid tëschent deene personnel gutt dotéierten neie Lycéeën an deene scho méi laang fonctionnéierende Schoule gëtt ëmmer méi grouss an ass bestëmmt net am Intérêt vun der Chancëgläichheet vun eise Kanner.

D'Chambre des Fonctionnaires freet sech virun allem all Kéiers erëm, ob dat Sënn mécht fir all Zorte vun Enseignement an engem Gebai unzebidden. Mir hunn eis déi Fro scho viru méi laanger Zäit gestallt a mir hu se eendeiteg mat Jo beäntwert.

Ech sinn och ganz frou, datt ech bei där Motioun, déi ech elo deemnächst dem Här President wäert iwwerreechen, och d'Zoustëmmung vun deenen anere Parteie kritt hunn. Hei geet et nämlech drëm fir all Lycée ze encouragéieren - déi al an déi nei -, fir den Ensemble vun der Formatioun vum Cycle inférieur - dat heescht, vun der Division inférieure de l'enseignement secondaire a vum Cycle inférieur et du régime préparatoire vum Enseignement secondaire - an engem Gebai unzebidden.

Mir mengen, datt dat am Intérêt ass vun de Schüler, am Intérêt vun der Mixitéit an datt dat wierklech Sënn mécht. Wa mer dervu schwätzen, datt et net glécklech ass, datt d'Schüler missten no enger Quatrième oder no enger Cinquième d'Gebai wiesselen, well se sech spezialiséieren, da gesi mir dat manner dramatesch. Mir kënnen jo awer och net higoen a jiddferen a senger Noperschaft halen, bis datt hien dann op d'Uni geet. An op der Uni schreiwe mer da fest, hie muss e Semester an d'Ausland goen.

Mir fannen et sënnvoll, datt d'Schüler, besonnesch an deenen dräi ënneschte Klassen, kënnen an der Proximitéit an d'Schoul goen. Wann et dann ëm d'Spezialiséiere geet, musse mer hinnen et och zomudden op ee gudden öffentliche Transport zrëckzegräifen an och bis op d'Nopeschgemeng oder eventuell souguer nach e bësse méi wäit eraus ze fueren.

Hei ass déi Motioun.

Motion 2

La Chambre des Députés,

constatant

- *que les lycées récemment créés offrent aux élèves la possibilité de suivre les cours de la division inférieure de l'enseignement secondaire, du cycle inférieur et du régime préparatoire de l'enseignement secondaire technique ainsi que certaines formations des cycles moyen et supérieur de l'enseignement secondaire technique;*

- *qu'il existe toujours des lycées qui n'offrent pas aux élèves la possibilité de suivre les cours du cycle inférieur et du régime préparatoire de l'enseignement secondaire technique au sein de leur établissement;*

- *que le regroupement des formations du cycle inférieur au sein d'un même lycée est*

D'Offre scolaire soll deemno mat dësem drëtte Lycée am Osten erweidert ginn, mat als direkter Konsequenz eng Reduktioun vun den Distanze vum Schoultransport.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

De Jonglënster Lycée ass eng Äntwert op de Besoin u Schoulen an der Region a soll am Besonnesche Schüler aus der Lënster Gemeng, de Gemenge Fiels, Hiefenech, Bech a Betzdorf, awer och en Deel aus de Gemengen Nidderaanwen a Fëschbech ophuelen.

Här President, de Lënster Lycée ass als gemëschte Lycée unzegesinn. Dat heescht, hei fanne mir souwuel Klassen aus dem Classique wéi och aus dem Technique erëm, woubäi de Schwéierpunkt awer op den Technique geluecht gëtt. Besonnesch ervirzehiewen ass, dass déijéineg Jugendliche, déi sech an de classesche Lycée aschreiwen - an de Rapporteur huet dat och scho gesot -, am Lënster Lycée bleiwe kënnen bis se hir Quatrième ofgeschloss hunn.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics stellt sech an deem Kontext awer d'Fro, ob et net besser ass fir d'Schüler scho vu Quatrième un an en anere Lycée ze goen, fir hir Etüden do weiderzefréieren. Mä do sollt ee bedenken, dass wann d'Klasse bis d'Quatrième gebuede ginn, déi meescht Elève kënnen vu Septième bis Quatrième an hirer Klass zesummebleiwen.

Wann een déi elo fir d'Quatrième an en anere Lycée schéckt, bedeit dat sech erëm an enger neier Klass mussen ze integréieren, awer just fir ee Joer, well op Troisième musse jo schliesslech d'Sectioun gewielt ginn. Mat dësem Gesetz kritt de Schüler also d'Méiglechkeet a senger Klass ze bleiwe bis zu deem Moment, wou hei sech fir eng Sectioun entscheet an dann an eng aner Schoul wiesselt.

Besonnesch spezialiséiert ass dëse Lycée awer virun allem doranner fir komplett Zyklen a Formatiounen unzebidden, déi op de BAC technique général, de Certificat d'aptitude technique - also de sougenannten CATP -, grad wéi och op den Diplom vum elektronischen an informatischen Techniker féieren.

Dës Offer dréit der rezenter Entwécklung an dem Entwécklungspotenzial vun der Region Rechnung. D'Formatiounen an de Beräicher Elektronik, Informatik a Commerce kommen de Besoin vum qualifizéierten Handwerk no an entspreichen och deem héijen techneschen Niveau vun den Entreprisen, déi an der Region implantéiert sinn.

Dass et sech hei ëm kee klenge Lycée handelt, mä souguer ëm ee vun deene gréissten aus dem Land, weisen d'Zuelen, déi festhalen, dass hei bis zu 1.400 Schüler, déi a 70 Klassen opgedeelt ginn, emfaange kënnen ginn. Do muss ee sech awer d'Fro stellen, ob et net méi sënnvoll ass an Zukunft vläicht méi kleng Entitéite vu Schoulen unzebidden.

Besonnesch ervirzehiewen ass awer, dass de Lënster Lycée eng Schouloffter ubitt, déi wäit iwwert déi normal Schoulzäiten eraus geet. Et gëtt nämlech proposéiert, d'Schüler vu moies hallwer aacht bis owes sechs Auer ze encadréieren.

Dësen Encadrement begräift, nieft Nohëllefscoursen a Remédiatiounsmoossnamen, kulturell, sportlech a wëssenschaftlech Aktivitéiten, mä bitt och zousätzlech Léieren un, an dat op fakultativer Basis. Dofir gesäit de Gesetzesprojet jo och vir, fir niewent dem Léierpersonal u sech och nach Educateur-en, e Psycholog, en Assistant social oder d'hygiène sociale anzustellen; an dat ass ee ganz wichtege Schrëtt no vir.

Leider gëtt dës Offer net an alle Lycéeën uechtert d'Land ugebueden. Et ass ze bedauern, dass eis jonk Schüler, déi dacks bis am 6. Schouljoer a Foyeren an a Maisons relais encadréiert waren, zwee Méint méi spéit no der Summervakanz eleng mussen eens ginn, well fir si an deene meeschte Lycéeë keen Encadrement virgesinn ass. Et ass an der Vergaangenheet net dru geduecht ginn, dass grad Jonker, déi a méi engem kriddelegen Alter sinn, en Halt brauchen a Form vun enger éducativer héichwäerteger Betreung.

Duerfir drängt sech meng éischt Fro op. Misst een net onbedéngt ufänken an deenen anere Lycéeë parascolläert Personal wéi Educateur-en a Psychologen anzustellen, fir deene Jonken ze hëllef sech an hirem neie Milieu ze integréieren, hinne schouleschen Appui zouzestoen an och attraktiv Aktivitéiten unzebidden, ausserhalb vun de Schoulstonnen?

Wär et am allgemengen net besser en eenheetleche System fir de Fonctionnement vun alleguerten de Lycéeën anzeféieren,

amplaz all méiglech verschidde Schoulprojeten an d'Liewen ze ruffen?

Do derbäi kënnt nach ee manifesten Dés-équilibrer tëscht deenen eenzelne Lycéeë wat d'Unzuel an d'Qualifikatiounen vun den Netenseignant-en ubelaangt. Am Moment gëtt verstärkt op d'Personal gesat, fir dass d'Schüler en dehors vun de Schoulzäite betreit ginn - an dat ass och gutt esou an och duerchaus ze justifiéieren -, mä wéi gesäit et da fir déi méi eeler Lycéeën aus? Et ka jo net sinn, dass Educateur-en hir Plaz just an deenen nei geschafene Lycéeë fannen.

Et drängt sech awer och d'Fro vun der Kreatioun vu Lycéeën op, déi eng komplett Scolaritéit offréieren. An dësem Kontext huet d'Kommissioun jo décidéiert der Chamber eng Motioun virzeleeën, wou d'Regierung invitéiert gëtt an de bestehende Lycées techniques an an all den neie Lycéeën déi iewescht Zykle vum Enseignement secondaire unzebidden, ëmmer da wann d'Situatioun et erfuerdert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV ënnerstëtzt dës Motioun.

Ech soen lech elo scho Merci fir d'Nolauschteren a bréngen dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

))) Plusieurs voix.- Très bien!

))) **M. le Président.**- Merci, Madame Hetto. Als drëttleschte Riedner ass den honorabelen Här Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

))) **M. Carlo Wagner (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 29. Januar dëst Joer huet d'Chamber iwwert de Projet de loi 5765 ofgestëmmt. E Projet, mat deem de Bau vun engem Lycée zu Jonglënster beschloss ginn ass. Haut solle mer also iwwert dat pedagogesch Konzept vun dësem Lycée diskutéieren an och ofstëmmen.

An deem Kontext wëll ech kuerz mäi Bedauern doriwwer ausdrécken, dass iwwert déi zwee Projeten net zesumme konnt diskutéiert ginn. Béides, Gebai a Konzept, sinn am Prinzip net vuneneen ze trennen. Ouni Infrastruktur nëtzet engem dat bescht pedagogesch Konzept näischt; an ouni eng kloer Virstellung, wéi an enger Schoul konkret soll enseignéiert ginn, ass e Gebai och näischt wäert.

Et ass dofir ze hoffen, dass an Zukunft, bei der Décisioun vum Bau vu weidere Gebaier - a mir brauchen ouni Zweifel nach weider Gebaier hei an dësem Land -, d'Konzept an och d'Gebailechkeete kënnen parallel an der Chamber diskutéiert an och votéiert ginn.

Här President, a menger Interventioun vum 29. Januar hat ech op déi dynamesch Entwécklung an der Gemeng Jonglënster an deene leschte Jorzéngten higewisen. Innerhalb vun 30 Joer ass do d'Populatioun ëm knapp 25% gewuess. Op den 31. Dezember 2007 hunn an der gréisster Gemeng am Oste vun eisem Land ronn 6.100 Leit gewunnt. En Enn vun dësem Boom ass ouni Zweifel net ofzegesinn, bedéngt haaptsächlech och duerch déi geographesch Lag vun dëser Gemeng ganz no bei der Stad Lëtzebuerg.

D'Zuelen, déi ech deemools am Januar opgefouert hunn, och a puncto Schoulpopulatioun, beweisen eiser Meenung no, dass de Besoin fir e Lycée zu Jonglënster ze bauen duerchaus reell ass. Vill vun deene Jonglënster Kanner an aus den Nopeschgemenge wäerten also an Zukunft net méi, wéi bis elo, onbedéngt mussen an d'Stad oder op lechternach goen, mä hire Choix erweidert sech. De Wiessel an eng aner Stad, deen den Iwwergang vum Primaire an de Secondaire oft fir vill Kanner nach méi schwéier gemaach huet, wäert domadder ewechfalen.

Här President, mat nëmmen zwee Lycéeën, zu Gréiwemaacher an zu lechternach - an d'Madame Hetto hat dat och schonn ugeschwat -, déi allenzwee och nach net zentral ugesiedelt sinn, ass den Oste vun eisem Land sécherlech net terribel verwinnt a puncto Schoulinfrastrukturen am post-primäre Beräich.

))) **M. Robert Mehlen (ADR).**- Mer hunn nach en Hallwen zu Perl.

))) **M. Carlo Wagner (DP).**- Dorobber kommen ech och nach ze schwätzen, Här Mehlen.

Am Plan sectoriel „lycées“ aus dem Joer 2002 gouf deemools dann och am Osten e Vide scolaire fir bestëmmte Regionen identifizéiert. Eng vun dëse Regione war notamtment Jonglënster, wou e Besoin vun engem Lycée mat enger Capacitéit vu ronn 1.000 bis 1.200 Schüler festgehalen ginn ass. Eng aner Region, an där esou e Vide

constatéiert gouf, war, oder besser gesot ass de Kanton Réimech. Och mam Schengen-Lycée zu Perl an Däitschland konnt dësen Defizit net behuewe ginn. Et duerf een dofir gespaant sinn op der Madame Ministerin hir Äntwert op meng entsprechend parlamentaresch Fro, wou ech wollt gewuer gi wat d'Regierung wëlt ënnerhuele fir dëse Vide ze behiewen.

Här President, deen aktuelle Projet gesäit elo eng Gréissenuerdnung vun 1.200 bis 1.400 Schüler a 70 Klasse vir. De Jonglënster Lycée wäert domadder ee vun deene gréisste Lycéeën hei am Land ginn. Wa mer och mam Prinzip vun enger Mixitéit vu classeschem an techneschem Sekundarunterricht averstane sinn, esou stelle mer eis trotzdem d'Fro, ob net d'Zuel vun 1.000 Schüler als iewescht Limite, fir e Lycée optimal kënnen ze géréieren, misst ugesi ginn.

Mir sinn der Meenung, dass bei zukünftege Projeten d'Fro vun der optimaler Gérance prioritär zur gemeinsamer Offer vun techneschem a classeschem Lycée muss behandelt ginn. Allgemeng schwätzt d'DP sech dofir fir d'Schafe vu regionale Lycéeë mat méi klenge Schülerzuelen aus, wou d'Klassegréisst soll esou ausgeriicht ginn, dass eng pedagogesch Léiermethod optimal garantéiert ass.

Ech wëll och elo net weider an den Detail vun deem pedagogesche Konzept agoen, dat huet notament den Här Rapporteur scho ganz am Detail gemaach, mä erlaabt mer just ee Punkt erauszegräifen. Mir begréissen et - an ech hunn dat och schonn ugedeit -, dass an deem neie Lycée souwuel den Enseignement classique, zumindest wat d'Klass bis 4^e ubelaangt, an den Enseignement technique wäerten ënnerbruecht ginn. Mir halen et fir eng gutt Iddi wann d'Kanner, och wa se ënnerschiddlech schoulesch Richtungen aschloen, awer kënnen zesumen an engem Gebai enseignéiert ginn. Allerdéngs hätte mer et léiwer gesinn, wann am Enseignement classique de kompletten Zyklus, dat heescht bis d'Première ugebuede gi wär. Mir halen et net fir sënnvoll, dass e Kand no e puer Joer d'Schoul muss wiesselen, well déi entsprechend Klassen net ugebuede respektiv weidergefouert ginn.

Wann ech virdrun heibanne gesot hunn, dass fir Kanner de Schoul- an de Lokalitéitswiessel nom Primaire eng grouss Erausforderung duerstellt, da gëllt dat och - wa vläicht och net an därselwechter Form - fir déi Jugendlech vun der 5^e respektiv der 4^e. An deem Sënn, dass an Zukunft an engem gemëschte Lycée béid Filière komplett sollen ugebuede ginn, ass dann och op Initiativ vu mengem Parteikolleeg Eugène Berger eng entsprechend Motioun an der Educatiouskommissioun rédigiéiert ginn, vun där ech hoffen, dass se hei am Haus eng ganz breet Majoritéit fanne wäert.

Ofschléissend, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Scheuer, félicitéiere fir säin exzellenten an detailliéierte mëndlechen a schrëftleche Rapport. Meng Fraktioun, Här President, wäert dann och selbstverständlech hiren Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen lech Merci.

))) Plusieurs voix.- Très bien!

))) **M. le Président.**- Merci, Här Wagner. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Adam fir d'Fraktioun vun deene Gréngen.

))) **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. Madame Minister, léif Kolleegen a Kolleginnen, fir d'éischt wëll ech dem honorabele Président-rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Nodeems mer am Januar de Bau vum Lycée vu Jonglënster eestëmmeg gestëmmt haaten, gi mer eis dann haut d'Méiglechkeet, fir dee Bau mat Leit a Liewen ze fëllen.

Et ass scho gesot ginn, datt et sech bei dësem Lycée ëm e Projet prioritaire vum Plan sectoriel „lycées“ vun 1999 handelt. Dëse Lycée dréit derzou bäi, datt mer eng Verbesserung vum östleche Pôle vun de Lycéeë kréien. An engems ass et e Bäitrag zur Dezentralisatioun vum schouleschen Angebot. Et ass wichteg, datt mer méi Lycéeë kréien. Zum Beispill ass den lechternacher Lycée ganz schlecht dru mat Raimlechkeeten. Do hunn ech mech nach haut konnten dervun iwwerzeegen.

An deem Lycée hei ginn et Klasse vu Septième bis Neuvième vum Enseignement secondaire technique, a Klasse vu Septième bis Quatrième vum Enseignement secondaire. D'Chambre des Fonctionnaires stellt d'Zuele vum Ministère, wat den Zouwuess vu Schüler ugeet, a Fro, kënnt awer zur Konkusioun, wéi mir alleguerten och, datt dëse Lycée noutwendeg ass. Duerfir wëll ech och net drop spekuléieren, wien dann elo déi richteg Zuelen huet.

plus susceptible de garantir une certaine mixité sociale des élèves tout en diminuant les effets de la ségrégation scolaire; invite le Gouvernement

- à encourager tous les lycées (actuels et à créer) à offrir l'ensemble des formations du cycle inférieur (la division inférieure de l'enseignement secondaire, du cycle inférieur et du régime préparatoire de l'enseignement secondaire technique) au sein de leur établissement.

(s.) Claude Adam, Eugène Berger, Françoise Hetto-Gaasch, Robert Mehlen, Jos Scheuer.

Dann hat d'Majoritéit och eng Motioun eraginn. Et war ganz interessant wéi mer se fir d'éischt gesinn hunn. Ech hu se gelies. Ech hu gestaunt a mech gewonnenert. Fir d'éischt war se net fir eis akzeptabel. Dunn ass e Wuert bäigefléckt ginn, du war se akzeptabel, mä si huet net vill Sënn gemaach. Et war eng Motioun, déi kengem wéigedoen huet, mä si war esou iwwerflësseg wéi dem Hond seng Fléi.

» **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - De Moien - loosst mech wann ech gelift ausschwätzen - an der Chamberskommissioun, nodeems dann nach ee Wuert bäikomm ass, hu mer se awer och erëm interessant fonnt. Nämlech ass och bäigesat ginn, zu den «lycées secondaires techniques existants» kënnen mer eng Ännerung kréien. Dat mécht erëm Sënn an duerfir hunn ech dann och mat Freed mäin Numm drënnergesat. Ech kann och d'Ënnerstëtzung vun der grénger Fraktioun zu där Motioun bréngen.

Ech wollt domat just soen, datt et Sënn mécht, wann een an der parlamentarescher Kommissioun esou eng Motioun preparéiert, se diskutéiert a se verbessert, esou datt mer se kënnen allgemeng droen. Ech bréngen also och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. Den honorabelen Här Mehlen als leschte Riedner, wann ech gelift.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Den Här Statsminister huet hei virun e puer Joer a senger Deklaratioun zum État de la nation gesot, eise kontinuéierleche Wuesstum géif op där anerer Säit esou vill Folgekäschte generéieren, datt et grad géif duergoe fir déi Folgekäschten ze bezuelen.

Ech hunn e bëssen esou hei d'Gefill, wéi wa mer an deem Zeenario wären. Do komme mer awer net eraus, aus där Spiral. Mir kennen e kontinuéierleche Wirtschaftswuesstum. Mir kennen och e kontinuéierleche Wuesstum vun eiser Populatioun an d'Schaffung vun dësem Lycée ass eng Folleg dovun.

De Bau ass decidéiert, duerfir brauche mer och iwwert de Standuert net méi laang ze diskutéieren. Ech muss allerdéngs soen - an ech widderhuelen nach eng kéier, wat ech deemools gesot hunn -, ech hunn den IVL ëmmer esou verstanen - et ass och esou gesot ginn -, datt mer d'Schoule géifen un déi grouss Achse vum Réseau ferré bauen. Dat ass hei net de Fall, mä vläicht - an dat géif sécher d'Députée-maire vu Jonglënster freeën - kënn jo dann den Zuch bei de Lycée an net de Lycée bei den Zuch. En ass an der Zäit jo och do gefuer.

Mir stëmmen haut am Fong geholl d'Offer vun der Schoul, a konsequenterweis och dat Personal wat do gebraucht gëtt. Ech brauch dat alles net méi ze widderhuelen. 70 Klassen. Et ass eng relativ grouss Schoul; 1.200 bis 1.400 Schüler. Et ass eng Ganzdaagsoffer. Déi brauch 170 Enseignanten. Am Gesetz sinn nach eng kéier zousätzlech 41 Leit u Personal opgezielt.

Do stellt sech natierlech d'Fro, bei all deene Schoulen déi mer stëmmen an déi mer a Betrib huelen, wéi et mam Rekrutement vu qualifizéiertem Personal ass, wohlwissend datt bei deenen, déi aktuell enseignéieren, eng ganz Partie staark Joergäng sinn, déi an deenen nächste Jore wäerten hir Penssioun huelen.

Da stoung déi passionant Fro vun der Spezifikatioun zur Diskussioun: ob renge Lycée technique, renge Lycée classique oder Lycée mixte; dat hate mer ee Moment an eiser Motioun stoen. Här President, ech wëll dorun erënneren, datt mir eis als ADR dat lescht Joer ganz vill Gedanke gemaach hunn, wéi dann d'Schoul vun der Zukunft soll ausgesinn. Mir sinn no laangen Diskussiounen zur Konkusioun komm, datt een déi daitlech Zweedeelung tëscht Secondaire technique a Secondaire classique soll ofschafen.

Mir hunn elo grad iwwert de Mëttelstand, iwwert d'Handwierk an esou weider diskutéiert. Esou laang wéi an de Käpp vun de Lëtzebuurger den Technique eng zweetklassem Schoul ass, brauche mer eis och net ze wonnere wann d'Leit sech wieren, fir hir Kanner an déi Richtung ze orientéieren oder orientéiert ze kréien.

Duerfir ware mir der Meenung, et sollt ee probéieren d'Schoul vun der Zukunft esou opzestellen, datt d'Kanner méi oder weeniger am Laf vun hirer Evolutioun - well et weess ee jo net wéi se evoluéieren, wa se aus dem Enseignement fondamental, wéi en an Zukunft soll heeschen, an de Secondaire kommen - sollen d'Méiglechkeet kréie vun där enger Richtung, déi méi beruffsorientéiert ass, vläicht dann op méi eng klassem Richtung ze goen, oder ëmgekéiert.

Dat soll net ausschléissen, datt d'Flichtfächer, déi wichteg sinn - ech huelen emol d'Sproochen an d'Mathematik -, solle kënnen op verschiddenen Niveauen enseignéiert ginn, fir datt déi Schüler, déi staark sinn, och entspreichend enseignéiert ginn, an datt op déi, déi an de Sproochen zum Beispill méi schwach sinn, Rücksicht geholl gëtt, mä datt déi Staark net ënnert dem Retard vun deene Schwaachen ze leiden hunn an ëmgekéiert déi Schwaach net vun deene méi Staarken iwwerfuerdert ginn.

Do dernieft triede mir fir e modularen Unterrecht an, dat heescht op där enger Säit d'Flichtfächer, déi obligatoresch fir jidderee sinn, an op där anerer Säit d'Flichtfächer, déi optionell sinn, wou jidderee senger spéiderer berufflecher Wonschvirstellung oder Orientéierung no kann Optionen huelen op Fächer. Wuelverstanen, en ass net fräi fir ze soen, ech wëll dat maachen oder net maachen. Et muss eng Obligatioun bestoen, mä d'Fräiheet besteet alt dran, wat een dann do als optionell Fächer wëllt welen.

Mir sinn der Meenung - an dat ass jo och an der Kommissioun de Moien nach diskutéiert ginn -, datt déi Reform dréngend noutwendeg ass, datt de System, wéi en elo funktionéiert, net gutt ass an datt mer déi Schwiereregkeeten, déi elo erëm zum Virschäi komm sinn, déi mer elo probéiere mat Motiounen, wou mer d'Regierung an d'Schoulen invitéieren, eppes do ze maachen, datt een dat soll doduerch awer ënnerbannen.

Datt een an déi Richtung geet, setzt awer och virus, eiser Meenung no - an dat läit och an eiser Philosophie -, datt een de Schoule selwer vill méi Autonomie muss zougestoen. Wat se dann der Demande entspreichend wëllen ubidden oder wat se dann op eng Nopeschschoul - selbstverständlech en concertation mat den Nopeschschoulen -, wat een dann an déi eng Schoul verleet oder wat een op déi aner Schoul verdeelt. Mir fannen et net gutt, wann alles méi oder weeniger rigide vun uewen erof diktéiert gëtt.

Dat gesot wëll ech selbstverständlech soen, datt mir dëse Projet stëmmen. Ween A gesot huet, muss och B soen. An datt mer och d'Motiounen, déi virleien, wäerte matdroen.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Zum Ofschloss vun der Debatt huet d'Madame Delvaux, Minister zoustänneg fir d'Éducation nationale, d'Wuert.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, ech wollt fir d'éischt dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi Rapport, an ech wëll dee Merci dann och ausdehnen op de Rapport vun deem leschte Projet de loi, wou ech vergiess hat em Merci ze soen.

Ech wëllt och all menge Virriedner Merci soen. Ech mengen vun Bau an zum Lycée Jonglënster ass ongeféier alles gesot ginn, wat een dozou ka soen. Effektiv ass d'Gesetz iwwert de Bau am Januar gestëmmt ginn. Ech wëllt awer dem honorabelen Här Wagner soen, dass de Projet iwwert de Fonctionnement du schonn déposiert war. Et ass also net esou, dass déi zwee net pa-

rallell gelaf sinn. E gëtt elo méi spët gestëmmt an ech sinn iwwerzeegt, dass d'Deputéierten da frou sinn, dass se dann 2-mol kënnen iwwert e Lycée zu Jonglënster an därselwechter Sessioun schwätzen.

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Madame, ech hu fir d'Zukunft geschwat.

(Brouhaha)

» **M. le Président.** - Här Wagner, Dir musst Iech méi daitlech ausdrécken, d'Madame Delvaux kann dat net verstoen.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Bei all neie Lycée, deen ënnert menger Regie hei déposiert ginn ass, war et ëmmer parallel de Bau an de Fonctionnement. Ech hunn do e ganz gutt Gewëssen, well et ass nämlech eng Motioun vun der Chamber - wéi ech hei Deputéiert war - gestëmmt ginn, dass een ëmmer déi zwee misst zesumme ginn. A vu dass ech mech dorunner gutt kann erënneren, maachen ech dat, praktizéieren ech dat och esou.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Net dass et Iech geet wéi mir. D'Gebai vum Lycée Aline Mayrisch wor fäerdeg, et gouf awer vun der Regierung vu virdru kee Gesetz fir de Lycée funktionéieren ze dinn. Sāithier ginn d'Gesetzer fir de Fonctionnement an de Bau vun engem Lycée parallel behandelt.

» **M. le Président.** - Madame Brasseur, hutt Der eng Fro un d'Madame Minister? Wann dat de Fall ass, da géif ech Iech biede se ze formuléieren, an am anere Fall géif ech drëm biede fir d'Madame Minister net ze ënnerbriechen.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Entschëllegt, Här President!

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Dëse Projet autoriséiert eigentlech Personal ze rekrutéieren. Dat heescht, mir ginn domadder e Signal, e Start, fir dass e Projet pédagogique soll entstoën.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Ech géif déi zwou Fraktiounen hei zu menger rietser Säit bidden, e bëssen Attentioun fir d'Madame Minister ze hunn.

(Brouhaha général)

» **Une voix.** - Très bien.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Här President, et ass esou eng Atmosphär vu Vakanz hei, duerfir, wann Der mer eng Chance gitt, da wär ech an enger Minutt fäerdeg - mä wann ech ëmmer ënnerbrach ginn, ass dat natierlech relativ schweier.

Ech wollt just op zwou Froen äntwerten, déi hei gestallt si ginn. Dat ass, wéi ass et mam parascolaire Personal fir déi aner Lycéeën, déi keng nei Lycéeë sinn. Do hu mer éischens am Projet de loi iwwert den Enseignement, iwwert d'Obligation scolaire virgesinn, dass do Educateure rekrutéiert ginn.

Ech si par ailleurs amgaang mat de Lycéeën zesummen en Inventaire ze maache vun deem Personal, wat se mussen hunn, a bis elo hunn ech mech nach net getraut mat deem décke Pak aus dem Ministère eraus weiderzegoen, well dat gëtt nämlech eng ganz déck Lat. Mir mussen dat zortéieren, no Kritären andeelen an da wäert ech dat mat grousser Freed heihinner bréngen.

Dann den zweeten Diskussiounspunkt, dat ass dee vun Vide scolaire. Also ech wëll et nach eng kéier widderhuelen: Déi éischt Phas vum Plan sectoriel „lycées“, dat waren dräi Lycéeën; Réiden, Belval a Jonglënster. Déi zweet Phas, do si schonn zwou Décisiounen geholl, dat ass Klierf op där enger, Déifferdeng op där anerer Säit. An elo bleift eis nach deen drëtste Site; dee soll am Süd-oste sinn an do ass d'Programmation esou, dass mer am Hierscht wäerten eng Décisioun dozou huelen.

Dat gesot freeën ech mech mat all deene Leit, déi sech iwwert en neie Lycée zu Jonglënster freeën. Ech wënschen haaptsächlech, dass de Bau viruegt an dass mer an net allze laanger Zäit kënnen eng Equipe asetzen, déi dann e flotte Projet pédagogique entwéckelt, fir dass de Lycée attraktiv gëtt, fir dass all déi Jonk - déi Kanner an déi méi grouss Kanner - mat Freed a mat Succès kënnen an dee Lycée goen.

Wat déi zwou Motiounen ugeet, interpretéieren ech déi allenzwou als ee Signal fir méi Mixitéit an eis Lycéeën eranzekréien, an déi klassem an an déi technesch, dass mer also iwwerall - alles wa méiglech, selon les besoins, an et muss een am Fall fir Fall analyséieren, wou e Besoin ass - déi Mixitéit sollen encouragéieren. Domadder rejoinéiere mer Recommandatiounen, déi eis all auslännesch Experte ginn, dass mer solle kucken, déi Mixitéit an de Schoulen ze kréien.

Ech freeë mech iwwert dee Support an deem Encouragement, well ech kann Iech soen, dass et um Terrain och net esou einfach ass d'Schoulen dovunner ze iwwerzeegen, dass déi Mixitéit eppes Positives ass, an och d'Elteren, fir dass se hir Kanner sollen a mixte Lycéeën orientéieren. Duerfir freeën ech mech iwwert dësen unanimë Support vun der Chamber.

Här President, ech dāerf elo nach eng schéi Vakanz wënschen a Merci Iech all!

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Och der Regierung eng erhuelsam Vakanz. Mir kommen dann zum Vote vun dësem Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5782 ass ugehall, Madame Delvaux, mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Romain Schneider), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Ben Fayot) et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert. Mir kommen dann zu deenen zwou Motiounen. Fir d'éischt déi, déi vum honorabelen Här Scheuer deposiert ginn ass. Den Här Hauptert fret d'Wuert dozou.

Motion 1

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Här President, ech wollt just froen, ob d'Auteure vum Projet hei och dermat d'accord sinn. Si soen, datt déi iewescht Cyclen an allen «lycées secondaires techniques existants» sollen agefouert ginn. Et bestinn och nach Lycées techniques, déi net mixte sinn; dat heescht, déi keng ënnescht Klassen hunn, déi secondaire sinn. Ass dat dann hei och matgemënt? Fir datt mer wëssen, wat mer ofstëmmen.

Wa mer elo de Lycée technique des Arts et Métiers oder de Lycée technique vu Lalleng huelen, do besti keng ënnescht Klassen. Wéi géift Dir da gār iewescht Klasse vum Lycée secondaire do aféieren, wann Der keng ënnescht Klassen hutt?

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Här Scheuer.

» **M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** - Här President, mir haten doriwwer diskutéiert. Mir haten et op jidde Fall am Kapp, an do hu mer derbāi gesat, selon les besoins. Et steet also net an der Motioun, an Zukunft gëtt an alle Lycées techniques eng Section supérieure ugebueden, mä wann et sech